



Budget 2022

Anne HUBERTY

Conseil communal du 13.12.2021

Här Buergermeeschter,

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot,

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot,

Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Hesper,

Wéi schonn d'lescht Joer well ech dem Schäfferot fir d'éischt zu engem detailléierten an transparente Budget felicitéieren an all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren e grouse Merci soen. Merci och dem Rapporteur Guy fir seng ausféierlech d'Präsentatioun iwwert eis Gemengefinanzen.

Wéi mir héieren hunn, gött 2022 de Budget mat 18 Milliounen Euro equilibréiert, mee et ass net dovun auszegoen, dat deen Emprunt am kommende Joer muss gezunn ginn. D'Gemengeschild beleeft sech Ënn 2022 op 0,8 Milliounen Euro, dat ass eng Pro-Kapp-Verschuldung vun 48,- Euro, e Chiffer dee beweist, dat d'Hesper Gemeng mat hiren bal 16.000 Awunner (15.819, Stand 21.11.2021) hier Finanzen gutt geréiert an d'Investitiounen op deene richtege Plazen gemaach ginn.

Leider huet eis de Virus nach ëmmer gutt am Grëff, wat natierlech och nach ëmmer en Impact op eist gesellschaftlecht Liewen, an domadder och op d'Finanzen, d'Projeten an Aktivitéiten op kommunalem Plang huet.



Soziales / Integratioun

Wéinst der unhalender Situatioun hunn och dëst Joer d'Kommissiounen net méi esou reegelméisseg konnte stattfannen.

Besonnesch déck huet mir als Presidentin vun der Sozialkommissioun gedoen, dat mir och dëst Joer erëm hu missen an allerleschter Sekonn eis **Seniorenfeier** ofsoen, mee wann ech mir déi rasant Entwécklung vun de Neiinfektiounen ukucken an gesinn wei de Virus mutéiert a mir et schonn nees mat enger neier Variant, dem Omikron, ze dinn hunn, denken ech, dat et déi eenzeg richtig Decision war.

Esou bal d'Situatioun et erëm erlaabt, wäerte mir dat nohuelen an eng Feier fir eis Senioren organiséieren.

Obwuel eis et de Virus net einfach gemaach huet, hu mir awer als Integratiouns- a Sozialkommissioun versicht de Kontakt mat de Léit ze halen an Aktivitéiten ofzehalen.

Esou hu mir beispillsweis eise **Sproochecafé Babel** an eisen **Exploration du monde** och an dëser net einfacher Zäit ënner dem Covidcheck stattfanne gelooss an d'Léit sinn zueräich komm a waren dankbar.

E neit Konzept fir déi nei Resident'en an der Gemeng Hesper ze begréissen, ënnert dem Motto „**Welcome Day**“ huet den 21. November am CELO mat méi wéi 170 Entrée'en e grouse Succès kennt. Ëm déi 80 Kanner waren present déi hir Freed haten am Spill- a Basteleck. Dëst Joer hu mir den Dag fir eis nei Resident'en éischter wei eng Foire organiséiert, wou sech eis Veräiner konnte presentéieren a nei Memberen rekrutéieren. De Feedback säitens vun der ASTI, dem CEFIS, dem CIGL an de Veräiner war duerchaus positiv. Och d'Museksschoul war vertraueden a konnt vill Froen beäntwerten a Publicitéit fir hir Cours'en maachen. D'Schräinerei vum CIGL huet eis fir deen Dag och flott casse-têten aus Holz hiergestallt, déi dunn konnten un d'Kanner an hir Elteren verdeelt ginn. Dem Kris Kayser a senger Equipe dofir och op dëser Plaz e grouse Merci fir hir flott Iddi an hir onkomplizéiert Matarbecht.



HESPER

Och hu mir eis et net huelen gelooss trotz den Ëmstänn den 26. September 2021 eng **Fête de l'amitié** ze organiséieren, wann och ënnert enger bëssen anerer Form am CELO. Mat ronn 400 Entrée'en huet och dëst Evenement e grouse Succès kannt.

Eis Populatioun wisst permanent, bal 55 % Net-Lëtzebuenger wunnen an der Gemeng Hesper. Net verwonnerlech dat d'Cours'en fir de Léit déi Lëtzebuenger Sprooch méi no ze bréngen gutt besicht sinn. Net manner wie 84 Léit haten sech 2021 am 1. an 2. Joer an de **lëtzebuergesch Cours'en** ageschriwwen.

Bei esou enger héijer Auslännerquot ass et wichteg d'Léit ze integréieren an Aktivitéiten ze organiséieren wou all Natiounen, all Alter an all Kulturen zesummekommen a vuneneen kënnen léieren a profitéieren.

Dofir engagéiert sech de Schäfferot och an d'Zukunft fir de **Pakt vum Zesummeliewen (PvZ)** an envisagéiert e ronnen Dësch ze organiséieren mat deenen verschiddenen Acteuren aus dem soziale Beräich. Wat genee ënnert dësem Pakt ze verstoen ass, a wéi een sech dëse ronnen Dësch ka virstellen, dozou kann eis de Sozialschaffen, de Romain Juncker, vläicht uschlüssend déi neidësch Erklärungen an zousätzlech Informatiounen ginn.

Am Sënn vun der Integratioun an der Gemeng hu mir och weiderhin de Kontakt mat der ASTI a mam CEFIS gefleegt an an engem Groupe de pilotage gekuckt, wou mir kënnen un eisem **PCI** schaffen. Och hu mir als Sozial- an Integratiounskommissioun de Kontakt zu eise Veräiner gesicht a gekuckt wou a punkto Integratioun och op dësem Niveau nach Saachen kënne verbessert ginn.

Weiderhin schafft d'Gemeng un enger **sozialer Noperschaftsapp**, dem sougenannten *hoplr*, déi am Fréijoer soll richteg lancéiert gin an déi all eis Uertschaften aus der Gemeng nach soll méi no beieneen bréngen an d'Léit nach méi mateneen soll vernetzen.

Net vergiessen ze ernimmen wëll ech awer och nach e flotten Projet, deem während de Summerméint an der Gemeng gelaf ass, de Projet vum **Soutien Scolaire**. Hei kruten refugiés Kanner Nohëllef vu SchülerInnen a StudentInnen déi een Deel vun hirer Summervakanz geopfert hunn fir hinnen Nohëllef am Däitschen, Lëtzebuergesch, am Franséischen oder



och am Rechnen ze ginn. En décke Merci dofir un all déi Bedeelegt vun dësem Projet fir hir Zäit, hiert Engagement an hir vill innovativ Iddi'en.

All dës flott Aktivitéiten am soziale Beräich wieren awer net méiglech gewiescht ouni eis dreiwend Kraaft am Schäfferot, de Romain Juncker a natierlech och net ouni all déi aktiv Memberen aus der Sozial- an Integratiounskommissioun, déi vill Presenz bei den Aktivitéiten gewisen hunn. Dofir en décke Merci un si all fir hiert onermiddlecht Engagement grad an dësen Zäiten.

Last but not least wëll ech awer och net verstoppen, dat mech dëst Joer de **Rapport vum Office Social** besonnesch touchéiert huet. Dem Anne-Marie Probst a senger Equipe well ech fir hir gutt Aarbecht am Sënn vum Bierger och op dëser Plaz e grouse Merci ausschwätzen. Aus hirem Rapport geet ervir dat de Virus alt erëm déi schwächste Glidder vun eiser Gesellschaft am meeschten trëfft. Virun allem allengstehend Persounen, monoparental Familljen grad esou wéi déi sougenannten „working poor“ an eeler Léit sinn net seelen op d'Hëllef vum Office social ugewisen. Schockéierend ass d'Tatsaach dat dobäi virun allem de Logement dat gréisste Suergekand ass a bléift.

Soziale Wunnengsbau

Allerdéngs muss een soen dat d'Gemeng Hesper wéi keng aner Gemeng versicht abordabelen Wunnengsraum ze schafen. Aus dem Budget geet ervir, dat an de Joren 2020, 2021, 2022 bal 20 Milliounen an de soziale Wunnengsbau gestach gi sinn (Opkaf vun den Terrain'en op der Place Jomé vun 4,7 Mio inclus).

Mir schwätzen hei ënner anerem vum **Lotissement Rothweit II** zu Alzég, wou grad em déi 400 Wunnengen entstinn, vun deenen 15 zousätzlech sozial Mietwunnengen am Bau sinn, 38 Appartementer a 14 Haiser déi vun der SNHBM dat nächst Joer nach ënnert abordabele Konditiounen verkaaft ginn. An deene nächste Joren ginn hei Wunngeleeënheete fir nach eng



Kéier em déi 1000 Leit geschafe. D'Häerz vum PAP Rothweith mat sengen 400 neie Wunnenge soll zu engem neien Zentrum vun der Gemeng Hesper ginn mat engem gesonden Mix u Kulturen.

Um Holleschbiërg ginn 6 Jumeléeshaiser vun der Gemeng selwer gebaut an och ënnert erschwéngleche Konditiounen verkaf. Mat der Constructioun vun der **Residenz Alloro** op der Rothweith II kënnen ab dem Summer weider 16 Appartementer bezunn a 5 Commercen a Betrib geholl ginn, e Projet deem d'Gemeng am Ganzen 9,2 Milliounen Euro kascht.

Och op der **Place Pol Jomé**, déi an deenen nächste Joren e komplett neit Gesiicht wäert kréien sinn 60 Wunnengen virgesinn, déi ënner abordabele Konditiounen ugebuede ginn.

Am Ganzen schloen d'dépenses extraordinaires am soziale Wunnengsbau deemno fir 2021 mat knapp 5 Milliounen Euro zu Buche a fir 2022 sinn nach eemol 7,5 Milliounen virgesinn.

Senioren

Wéi schonn ernimmt hu grad d'Léit am Alter et schwéier an dësen Zäiten iwwe d'Ronnen ze kommen. Dofir ass et extrem wichteg Plazen ze schafen wou Jonk an Al sech kënnen begéinen, Aktivitéiten kënnen ënnerholl a sech ausgetosch ka ginn.

De Projet zu Alzëng vun enger Residenz, wou Jonker a Senioren intergenerationell zesumme liewen a sech géigesäiteg ënnerstëtzen kënnen, gëtt ëmmer méi präzis. An Zäiten, wou de Covid 19 Virus e Beieneensinn zousätzlech schwéier mécht an de rasante Bau vu Residenzen d'Anonymitéit férdert ass et ëmsou méi wichteg Plazen ze schafen, wou Leit sech kënnen begéinen, sech kenneléieren a rëm mateneen an d'Gespréich kommen. Grad déi eeler Generatioun deet sech schwéier fir Kontakt ze halen oder ze kréien.

D'Amiperas, déi dëst Joer hier Presidentin, d'Margot Tremuth, eng *grande dame*, verluer huet, déi mat Läif a Séil fir hir Léit do war, gëtt selbstverständlech och weiderhin vun der



Gemeng ënnerstëtzt. Parallel schaffe mir awer och un engem neie Konzept, dem sougenannten „**Club Senior**“, e Projet deen am Mäerz ulafe soll an deen sech als Zil gesat huet en intergenerationelle Treffpunkt ze schafe fir jiddereen, virun allem awer fir eis Senioren mat individueller Berodung a flotten Aktivitéiten mam But der Isolatioun entgéintzewierken an d'Leit erëm beieneen ze bréngen.

2021 ass schonn e **Gymnastique Cours** fir den 3. Alter ugebueden ginn. Dës Offer gëllt et nach méi breet opzestellen fir grad déi eeler Léit ze motivéieren hier eegen 4 Wänn ze verloossen an zesummen mat aneren hire Liewensowend ze genéissen. Lifelong Learning soll hei genee esou gefërdert ginn wei kierperlech a psychesch Fäegkeeten, Sportaktivitéiten, sozial a kulturell Projet'en sinn ugeduecht grad esou wei einfach nëmmen e gemittlechen Nomëtten a flotter Gesellschaft bei enger gudder Taass Kaffi ze verbréngen.

Mam Centre Thoma, an deem et jo schonn eng Partie Logementer fir Seniore gëtt, mengen ech, hu mir matzen am Häerz vun der Gemeng eng flott Plaz fonnt fir dësen Treffpunkt fir Jonk an Al.

Och de Projet vun der **Maison de soins** déi um Houwald nieft dem CIPA gebaut gëtt, geet virun. Mat engem Budget vun 150 000 fir d'Joer 2020 a weideren 300 000 Euro déi fir 2021 virgesinn sinn, gëtt och un dësem Projet net gespuert an un déi eeler Léit geduecht déi et méi wei verdéngt hunn, hiren Liewensowend an adaptéierten Infrastrukturen ze verbréngen wou no hinnen gekuckt gëtt a si hir lëscht Liewensjoren würdeg verbréngen kënnen.

Schoul / Educatioun

D'Populatioun an der Gemeng Hesper wisst rasant an domadder ginn et och ëmmer méi Kanner déi an d'Schoul ginn a musse betreit ginn. 1161 Schüleriinnen a Schüler sinn an eise Grondschoulen ageschriwwen. Dovun profitéieren eng ronn 950 vun den ugebuedenen Structures d'accueil a Foyer'en.



Nei Schoulen mussen gebaut, aler renovéiert an ëmgebaut ginn fir dem Besoin u Kanner gerecht ze ginn.

Fir d'Extensioun vun der **Schoul vum Houwald Couvent** goufen dofir 2018 12 Milliounen Euro vum Gemengerot gestëmmt, weider knapp 2,7 Milliounen si fir 2022 virgesinn. Dës Schoul fir de Cycle 1 ass e nohaltege Pilotprojet an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère a fonctionéiert nom Prinzip vun der économie circulaire, wat eemol méi beweist, datt eis Gemeng och fir Ëmwelt a fir Klimaschutz steet.

Déi **nei Schoul zu Alzég** fir d'Cyklen 2-4 mat enger topmoderner Sportshal verschlénge bal 23 Milliounen während een d'Ëmbauarbeiten an d'Renovatioun vun der **Hesper Schoul** net vergiessen dierf, déi d'Gemeng ëmmerhin och iwwert eng Hallef Millioun Euro kascht. Hei gëtt virun allem an d'Précoce, d'Spillschoul an an de Cycle 1 investéiert Mat enger pedagogescher Kichen, engem Multimediasall, enger Bibliothék, Büro fir d'Léierpersonal a Versammlungsraum gouf déi Hesper Schoul modern a funktionell ausgestatt. D'Maison Relais déi am selwechte Stil direkt niewendrun gebaut gouf, suergt fir eng optimal Betreuung fir déi Kleng.

Et stellt een deemno fest dat d'Gemeng Hesper richteg vill an d'Schoulen investéiert. 2021 goufen 20 Milliounen budgetiséiert, fir 2022 si weider 10 Milliounen Euro virgesinn, d.h. an dräi Joer (2020/2021/2022) sinn am Ganzen 40 Milliounen Euro an d'Schoulinfrastrukturen gefloss.

Jugend / Sport / Veräiner

Och um Holleschbiërg gëtt ganz am Sënn vun eise Veräiner a Jonker gebaut. Eng grouss **Sportshal** déi an dräi Hale kann ënnerdeelt ginn ass esou gutt wei fäerdeg a vun dëser Lokalitéit wäerten och eis Sportsveräiner kënnen profitéieren grad esou wei déi 751 Kanner déi dëst Joer am Projet „Hesper beweegt sech“ ageschriwwen sinn.



HESPER

Mam Holleschbiërg 2 gëtt deemno der grousser Nofro u Raimlechkeeten vun eise Sportsveräiner Rechnung gedroen. Knapp 7,5 Milliounen Euro sinn 2021 an eis Sportshalen investéiert ginn a fir 2022 ass fir Sportshalen nach eemol e Budget vun 9,2 Milliounen virgesinn. Nach eemol 2 Millioun ass just fir d’Terrain’en virgesinn.

Wann ech vu Sportinfrastrukturen schwätzen, well ech awer och net vergiessen dem Sidney Loes, eisem neien Coordinateur Sportif, deen sech mëttlerweil gutt agelieft huet, e grouse Merci ze soen. Hien weist Presenz a suergt fir nach méi en enke Kontakt tëscht de Veräiner an dem „Hesper beweegt sech“, Merci Sid fir däin Engagement!

Fir der Jugend en Abléck an d’Beruffswelt ze ginn an hinnen e puer Euro an der grousser Vakanz ze verdéngen ze ginn, stellt d’Gemeng och all Joer Jonker an, sief et fir bei de Gaardenaarbechten ze hëllefen, am Oekozynter, Beach Club oder bei de **Vakanzaktivitéiten**. Dëst Joer hunn iwwer d’Summerméint, trotz der Pandemie, 62 Jonker op der Gemeng geschafft.

D’Jugendhaus zielt momentan 251 aktiv Jonker, déi sech sozial engagéieren an Aktivitéite fir Gläichaltreger organiséieren.

De **Pedibus** béisst och weiderhin net u Succès an. Eng ronn 150 Kanner waren am Joer 2020/21 am Pedibus ageschriwwen, deen eng ronn 20 Léit assuréiert hunn.

Och **d’Museksschoul** zu Fenténg steet ganz am Déngscht vun deene Jonken a kennt e grouse Succès mat iwwer 600 ageschriwwene Schülerinnen a Schüler, déi 947 ënnerschiddlech Cours’en besichen, wat e Plus vun 18% géigeniwwer dem Joer virdrun ass.

Och **d’Betreit Wunnen** spillt eng grouss Roll an der Gemeng. 13 Zëmmer stinn deene Jonken tëscht 18 a 26 Joer zur Verfügung an eng ronn 60 Demanden si bis den 1. November erakomm. Dës gëllt et elo weiderzeverméttelen. Kuckt een sech d’Lëscht vun deene Jonken, déi eng Bleif sichen méi genee un, stellt ee fest, dat si aus alle Beräicher vermëttelt ginn. D’Demanden kommen säitens vun hondsgewéinlechen StudentInnen déi an engem Lycée ageschriwwen sinn, vun Sozialstatiounen wei beispillsweis dem Planning familial, dem Foyer Ulysse, oder dem Meederchershaus, awer och lokal Strukturen wei de Jugendtreff reechen Demanden



eran, wat weist dat vill Jonker Schwiereregkeeten mat der aktueller Situatioun hunn, sech eng Auszäit wëllen huelen a versichen aus hiren an dësen Zäiten oft erdréckenden Familjeverhältnisser ze flüchten.

Zéien ech elo de Bilan, kann ech nëmme feststellen, datt an deene leschte Joren immens vill an d'Gebailechkeete vun eise Schoulen investéiert gouf, 2021 sinn 20 Milliounen an de Bau vun eise Schoulen gestach ginn, fir d'Joer 2022 sinn nach eemol 10 Milliounen am Budget extraordinaire virgesinn, wat deem rasante Wuesstem vun eiser Gemeng Rechnung dréit.

Donieft ass e bleift eist Suergekand de Logement. Awer och op dësem Plang reagiert d'Gemeng andeem, nodeem 2021 schon 15 Milliounen budgetiséiert goufen, fir 2022 am budget extraordinaire nach eemol 7,5 Mio virgesinn sinn.

Mat deene sëllege Wunnengen, déi d'Gemeng ënnert abordabele Konditiounen op de Maart bréngt, kréie virun allem déi Jonk d'Chance sech an der Gemeng eppes Eegenes ze leeschten, ouni dobäi eis Senioren ze vergiessen, déi duerch Konzepter wéi eisen intergenerationelle Wunnprojet e Surplus u Liewensqualitéit an eiser Gemeng gewanne kënnen.

Summa summarum stellen ech deemno fest, datt d'Gemeng Hesper 2022 och weiderhin wëlles huet op déi richteg Platzen ze investéieren. De soziale Wunnengsbau an d'Schoulen sinn a bleiwen Prioritéiten déi net ze negligéieren sinn.

Fir d'Realisatioun vun all deene Projeten wëll ech Iech, Här Buergermeeschter an dem ganze Schäfferot, e grouse Merci soen, Merci datt d'Hesper Gemeng de Budget zur Verfügung stellt fir esou flott an innovativ Projete fir Jonk an Al unzegoen an en oppent Ouer huet fir d'Problemer vu Grouss a Kleng.

Ee Merci och un dat ganz Gemengepersonal, wat sech an dëse spezielle Coronazäiten nach ëmmer extrem solidaresch weist a nach ëmmer ganz schnell, spontan an à tour de rôle schafft a versicht de Probleemer vun de Leit Rechnung ze droen.



HESPER

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a wënschen lech an eis datt mir eis geschwënn erëm virusfräi an ouni Mask kënnen begéinen.